esch

Commune de Mondercange
Mondercange • Bergem • Foetz • Pontpierre

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Gemeng Suessem

Gemeng Schëffleng



# En zweet Liewen vir d'Material



Zu Schëffleng, um Ressourcenzenter (Recyclingszenter) vum SIVEC, ginn all Joer Tonnen u Material ugeliwwert. Villes dovunner ass an engem ganz gudden Zoustand a muss leider verbrannt ginn. Deem wollt de SIVEC, Syndikat vu 5 Gemengen (Esch, Monnerech, Reckeng, Suessem, Schëffleng), entgéintwierken an huet 2019 ugefaangen sëch ganz staark am Réemploi z'engagéieren. Den Erfolleg léisst sech weisen.

Vill Tonne u Material ginn all Joer weidervermëttelt a kommen zeréck an de Kreeslaf. Dat geet eis awer net duer. Dofir brauche mir är Hëllef. Et ass net alles Offall wat net méi gebraucht gëtt.

## Looss eis zesummen aus „Offall" eng „Ressource" maachen.

Firwat Material verbrennen wann et nach gebraucht ka ginn? Firwat net mat de Schüler flott Projeten aus recuperéiertem Material realiséieren?

Eist Netzwierk ëmfaasst méi ewéi 400 Memberen. Schoulen, Maison Relaisen, Organisatiounen aus dem ganze Land huelen deel. Iwwer WhatsApp kënn der Material fir äre nächste Projet reservéieren.

Wéi funktionéiert dat Ganzt?

Fir d'éischt mellt der Iech op eisem Internetsite www.sivec.lu-Recyclage-Réemploi oder dësem QR-Code un.

Nodeems der de Formular ausgefëllt hutt, kritt der an de näichsten Deeg Accès zu 4 WhatsApp Gruppen. Dir kënnt an deene 4 bléiwen oder dir mellt iech aus deene Gruppen eraus déi net an äert Profil passen.

SIVEC RECUP SCHOUL (Bastelmaterial, Bicher, Spillsaachen...)
SIVEC RECUP MIWWELEN+DECO
SIVEC RECUP BAUMATERIAL
SIVEC RECUP (vun allem)

Gepost gëtt vun Dënschdes bis Freides. (+-13H00)

Falls iech eppes gefält, d’Foto no riets zéien an de Numm vun der Schoul, Organisatioun draschreiwen. Duerno ass et fir iech reservéiert.

Falls der Extrawënsch hutt, mellt iech um 283848-800. Wärend den Ëffnungszäiten ass ëmmer eng Persoun vum Recup ze erreechen. Gezielt gi mir op är Besoinen an. Wa mir eppes gesammelt hunn, da kritt der vun eis eng Foto geschéckt. Dir sot jo oder nee, duerno kommt der et no Ofsprooch sichen.

Alles gëtt dokumentéiert a gewien. Enn vum Joer rapportéiere mer d’Quantitéiten un d’Ëmweltverwaltung.

Wann der Material siche kommt, brauch der net an der Waardeschlaang stoen ze bleiwen. Dir fuert lenks lanscht d’Autoen an haalt iech bei der Loge ganz riets. (Keng Waardezäit)

D’Material soll fir Projete genotzt ginn, net fir Privatzwecker.

Gitt nach haut Member vun eiser Initiativ a leet e wichtegen Deel zur Sensibilisatioun an der Kreeslaafwirtschaft bäi.

## **Vill Spaass beim Sammelen.**

Alles ass Gratis, dokumentéiert an enregistréiert.
100% transparent.

